



Här Fernand Etgen
Chamber-President

Lëtzebuerg, den 5. Abrëll 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 88 vum Chambersreglement et virgesäit, géif ech gären d'Regierung zum Thema Diversifikatioun vun der Landwirtschaft interpelléieren.

De Krich an der Ukrain an d'Energiekris hu gewisen, wéi wichteg d'landwirtschaftlech Produktioun an d'Souveränitéit vun der Liewensmëttelproduktioun an der EU sinn.

Lëtzebuerg ass e Grénglandstanduert an dofir läit de Schwéierpunkt vun der eiser Landwirtschaft op der Mëllech- an der Rëndfleischproduktioun. Fir d'Nohaltegkeet vum Secteur ze garantéieren, ass et awer wichteg, dat eng gewëssen Diversifikatioun ënnerstëtzt gëtt.

An dem Sënn wëll ech gären folgend Punkten diskutéieren:

- Wat fir eng Produktiounen sinn hei zu Lëtzebuerg defizitär?
- Wéi eng kënne mer dovun ausbauen?
- Wat fir aner Alternativen sinn méiglech?
- Wat muss sech un de Rahmebedingungen änneren, fir dat des Produktiounen och eng Chance hunn?

Mat déiwem Respekt

Martine Hansen

Deputéiert